# Net relieis? Gëff siichtbar!

Virun e puer Woche gouf an der Stad Lëtzebuerg eng Skulptur mam Titel "Mir, Wir, Nous, Us" ageweit. Si weist d'Symboler vu fënnef Weltreliounen a soll d'Diversitéit an eisem Land duerstellen. Dat Wierk selwer an och säin Titel werfen eng Rei interessant Froen op. Dozou ee Fräie Mikro vum Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg.

**Virun e puer Woche gouf an der Stad Lëtzebuerg eng Skulptur mam Titel "Mir, Wir, Nous, Us" ageweit. Si weist d'Symboler vu fënnef Weltreliounen a soll d'Diversitéit an eisem Land duerstellen. Dat Wierk selwer an och säin Titel werfen eng Rei interessant Froen op. Dozou ee Fräie Mikro vum Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg.**

Virop wëll ech kloer stellen, datt et mir hei net drëms geet, der Kënschtlerin e Reproche ze maachen oder si an hirer Fräiheet sech auszedrécken anzeschränken - am Géigendeel.

Ech well awer vun der Geleeënheet profitéiere, fir e puer Froen opzewerfen. Wien ass dësen "Mir, Wir, Nous, Us" deen déi Skulptur duerstelle soll? Well d'Skulptur just reliéis Symboler* enthält, schéngt dëse "Mir" just reliéis Mënschen als Deel vum "Mir" unzegesinn. Dat Wierk spigelt also eng déif verwuerzelt gesellschaftlech Virstellung erëm: Wann et ëm Diversitéit geet, gëtt "Identitéit " quasi automatesch mat "Relioun" gläichgesat.

## Fräiheet a Pluralismus liewen

Dobäi entsprécht dat net der Realitéit: D'Hallschent vun de Mënschen zu Lëtzebuerg soen si wieren “net reliéis”. Dat sinn Humanisten, Atheisten, Agnostiker oder einfach Leit, déi ouni reliéis Iwwerzeegung liewen, respektiv Mënschen deene Relioun egal ass. Mee an der ëffentlecher Perceptioun existéiere mir scheinbar net.

Jo, et ass wuel wouer, datt mir keng gëeente Gemeinschaft sinn déi “mat enger Stëmm schwätzt”. Dat ass och gutt sou! Mir wëlle keng Dogmen, mee Fräiheet a Pluralismus liewen.

## Onsiichtbarkeet entsteet duerch net genuch Abréngen

Jo, et gëtt och wuel keen einfacht Symbol wat all déi net-reliéis Leit géif duerstellen. Vläicht och well mir guer keen Totem opgeriicht wëlle kréien hanner deem mir eis anuerdne kéinten.

Mee eis Onsiichtbarkeet an der Gesellschaft geschitt och doduerch, datt mir eis net genuch abréngen, datt mir dacks am Hannergrond bleiwen. Mir fillen eis dacks wuel an eiser individueller Positioun.

Mir vergiessen dobäi oft, datt eis - trotz alle Meenungsverschiddenheeten - villes verbënnt an et derwäert ass, fir méi oft, och gemeinsam, eis Stëmm an der Gesellschaft z’erhiewen.

## Sech verstäerkt am Discours weisen

Mir vergiessen och, datt eis Stëmme wichteg sinn, fir eng pluralistesch Gesellschaft. Et ass schliisslech eng Errongenschaft vun eise Virgänger, datt mer haut an enger sekulärer Gesellschaft liewen, wou Meenungsfräiheet, Demokratie, Opklärung, Rechtsstaatlechkeet a Mënschlechkeet grouss geschriwwe ginn.

Mir mussen eis dofir verstäerkt am gesellschaftlechen Discours weisen,

eis Geheier verschafen a méi kloer Positioun bezéien. Grad an dësen Zäiten si mir gefuerdert eis zu Wuert ze mellen, anstatt anere Kräften den Discours ze iwwerloossen. Do si mir all gefuerdert.

Lauschteren*play_arrow*

**No der Publikatioun vun dësem Fräie Mikro präziséiert d'Kënschtlerin vum Wierk, d'Florence Hoffmann, datt si an hirer Skulptur och den Notioune vun Atheismus an Agnostizismus, mat neutrale Ketteglidder, eng Plaz wollt ginn. Wéinst technesche Contrainte steet d'Skulptur op engem aussergewéinlech héije Sockel. Ee méi niddrege Sockel géif, der Kënschtlerin no, aner Perspektiven zouloossen.*

**Mam Zil fir déi ëffentlech Debatt ze fërderen, invitéiert de radio 100,7 am Fräie Mikro Leit aus der Zivilgesellschaft fir aktuell Themen ze kommentéieren. De Fräie Mikro ass e Gaaschtbäitrag mat Richtlinnen, am Respekt vun eisem Cahier des Charges, ënnert der finaler Responsabilitéit vum radio 100,7.**